Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu
cgfp

BP 2437
L-1024 Luxembourg
tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, den 23te Januar 2018.

**Pressekonferenz MENJE - SNE/CGFP :**

**Accord entre**
**le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE)**
**et**
**le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP)**

**au sujet**
**des lignes directrices de la politique éducative :**

**« Agir ensemble pour assurer la qualité scolaire à l'enseignement fondamental »**
**« Mesures contre la pénurie des enseignants dans l'enseignement fondamental »**

**Dir Dammen an Dir Häre vun der Press,**

Nodeems den Här Minister Meisch Iech den Accord a seng Reflexiounen zum Accord presentéiert huet, ass et elo u mir fir Iech dem SNE/CGFP säi Standpunkt duerzeleeën.

Wéi Dir jo all wësst, konnten eng ganz Rei vu Posten a Stonnen an eise Schoule bei der Rentrée 2017/2018 net direkt besat ginn.

Den Här Minister ass jo schonn a senger Interventioun op d'Grënn vun dëser Penurie agaangen.

Fakt ass, dass dëst Schouljoer net genuch brevetéiert Léierpersonal disponibel war fir all déi fräi Posten ze besetzen.

Dës Poste sinn du mat de « Chargés de cours » aus der « Réserve des suppléants » besat ginn.

Dës Aart a Weis fir virzegoen huet mat sech bruecht, dass an der « Réserve des suppléants » net méi genuch Leit ware fir d'Remplacementer z'assuréieren.

Dobäi kënnt, dass eng ganz Rei vu « Mesures d'appui », déi an de Schoulorganisatiounen am Kader vum Contingent virgesi waren, a ville Schoulen net ëmgesat konnte ginn, well net genuch Enseignante do waren.

Aus deem Grond huet den SNE/CGFP schonn direkt um Ufank vum Schouljoer beim Ministère intervenéiert fir op deës précaire Situatioun mat Nodrock hinzeweisen.

D'Penurie u brevetéiertem Léierpersonal riskéiert och nach déi nächst Jore weider ze bestoen a sech ze verschäerfen.

Dat och well sech ëmmer manner jonk Leit fir de Beruff vu Léierin a Schoulmeeschter begeeschtere kënnen.

An deem Zesummenhang huet den SNE/CGFP dem Minister eng Partie vu Léisungsvirschléi ënnerbreet, ënnert anerem en Iwwerschaffe vun der Philosophie vum Stage.

An de leschte Wochen a Méint huet den SNE/CGFP sech mat de Responsabele vum MENJE beroden a Verhandlungen iwwer méiglech Léisungen gefouert.

Dobäi waren d'Bekämpfung vun der Penurie, d'Attraktivitéit vun eisem Beruff an d'Sécherstellung vun der Qualitéit vum Enseignement an eise Schoulen essentiell Punkte fir den SNE/CGFP.

Den SNE/CGFP huet dem Minister awer och an de Verhandlunge kloer an däitlech matgedeelt, wat fir eventuell Mesurë fir ons en absoluten NO-GO sinn.

Dës Verhandlunge kënnen elo mat engem Accord ofgeschloss ginn.

Fir den SNE/CGFP war et awer och vun extremer Wichtegkeet, dass an dësem Accord festgehale gëtt, dass och an enger Penuriesituatioun,

- et net zu enger Ouverture fir Leit am « Enseignement fondamental » kënnt, déi déi dräi Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch) net beherrschen;
- um Prinzip vum « Enseignant généraliste » festgehale gëtt ;
- de « Certificat de remplacement » net bradéiert wäert ginn ;
- déi aktuell Dechargen onverännert bleiwen an den Enseignant de Choix behält dës Stonnen als Decharge ze huelen oder sech se als Iwwerstonn ausbezuelen ze loossen;
- de Contingent, genau wéi dëst Joer, och eng zweete Kéier no uewen ajustéiert gëtt, falls d'Schülerzuel an enger Gemeng erop gaangen ass;
- de Surplus u Contingentsstonnen, dee verschidde Gemengen an exzeptionelle Situatiounen zougestane kréien, net a Fro gestallt gëtt;
- nach weider I-EBSe wéi geplangt agestallt wäerte ginn;
- keen Enseignant forcéiert gëtt fir Iwwerstonnen ze halen;
- dem Enseignant säi Recht op e Congé oder e « Service à temps partiel » och weiderhi garantéiert bleift.

An dësem Accord sinn elo, wéi den Här Minister scho gesot huet, 5 Mesure fir d'Bekämpfung vun der Penurie festgehale ginn :

1. **« Adaptations des modalités d'accès au concours de recrutement »**

Den SNE/CGFP begréisst d'Mesure dass d'« Année-passerelle » am Ausland net méi obligatoresch ass fir den Accès zum Concours.

Esou kënnen d'Studenten, déi am Ausland eng « Formation de base » fir Léierin a Schoulmeeschter vun 3 Joer absolvéiert hunn, also entweder een C1-Diplom oder een C2-4 Diplom hunn, sech nees dem Concours stellen, an dat 1 Joer éischter wéi bis elo.

Essentiell fir den SNE/CGFP war awer, dass dës d'Enseignanten d'Qualifikatioun fir an alle Cyclë Schoul ze halen, spéiderhin „en cours d'emploi" iwwer de Wee vun enger « Formation continue » beim IFEN kënne maachen - wa si dat wëllen - an dat dann och zertifiéiert kréien.

Am Fall wou d' « Année-passerelle » net absolvéiert gëtt, den Enseignant also nëmmen eng Basis-Formatioun vun 3 Joer gemaach huet, bleiwen 3 Joer Stage ze maachen.

Si hu jo och 1 Joer manner Studium an och manner Stage gemaach.

2. **« Réduction de stage » fir d'Kandidate mat engem Bachelor « en Sciences de l'Éducation » mat enger Studiendauer vu 4 Joer.**

Dir Damen an Häre vun der Press, fir den SNE/CGFP ass virun allem dës « Réduction de stage » vun enorm grousser Wichtegkeet.

Dës « Réduction de stage » an domadder och d'Iwwerschaffe vun der Philosophie vum Stage sinn an onsen Aen eng absolut Noutwendegkeet fir de Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv ze maachen an esou d'Penurie ze bekämpfen.

D'Studenten déi e Bachelorstudium vu 4 Joer hunn an e Minimum vun 20 Woche Stage während hirer initialer Ausbildung absolvéiert hunn, kréien op Grond vun dësem Accord eng « Réduction de stage » vun engem Joer.

Dat heescht, si hu just nach 2 Joer Stage, mat an de jeeweilege Joren enger Remuneratioun vun 80% a 90% vum Ufanksgehalt.

Dës Mesure gëllt souwuel fir déi « Instituteurs-stagiaires », déi elo an hirem éischten oder zweete Stagejoer sinn, wéi och fir déijéineg déi an Zukunft nom Concours an de Stage kommen.

Duerch dës Mesure kënne si 1 Joer éischter an d'Funktioun vu Léierin oder Schoulmeeschter genannt ginn.

Dëse Punkt ass an den Ae vum SNE/CGFP déi wesentlechst Mesure.

Erlaabt mer w.e.g e klengen Historique zu dem Stage ze maachen.

Mat der Reform an der Fonction publique ass de Stage fir all Staatsbeamte vun 2 Joer op 3 Joer gehéicht ginn.

Och d'Léierinnen a Schoulmeeschtere kruten amplaz vun dem Accompagnement, dee bis dohinner virgesi war, e richtege Stage.

Dëse Stage war eng « Conditio sine qua non » vun der deemoleger Regierung fir dass d'Léierpersonal de Statut vum Staatsbeamte konnt behalen.

Ouni d'Acceptéiere vun engem Stage hätten déi zukünfteg Léierinnen a Schoulmeeschtere riskéiert, als vum Staat bezuelte Privatbeamten agestallt ze ginn, mat all den negative statutaresche Konsequenzen, déi dat mat sech bruecht hätt.

Den SNE/CGFP huet sech deemools net géint e Stage ausgeschwat, well et fir hie vun enormer Wichtegkeet war an ass, de Statut vum Staatsbeamte fir eis Professioun ze verteidegen.

Wichteg sinn awer och 2 Elementer:

- Déi meeschte Léierinnen a Schoulmeeschteren hunn e Bachelor mat 240 ECTS Punkten, deen si no engem Studium vu 4 Joer decernéiert kruten. Si sinn de facto als nach just 1 Joer vun engem Master ewech.

- Während deem véierjärege Studium huet de Student an den Erzéiungswëssenschaften eng ganz Rei u praktesche Stagë mussen absolvéieren.

Dës 2 Elementer zesumme gekuckt, erlaben et déi am Accord virgesinne « Réduction de stage » anzeféieren.

Et geet elo awer net drëm de Contenu vun den aktuellen 3 Joer an 2 Joer ze brätschen, mee de Contenu esou z' entschlaken an op dat Wesentlecht ze reduzéieren, dass en och an deenen 2 Joer ze bewältegen ass.

De Stage soll dem Stagiaire bei senger « Insertion professionnelle » hëllefen an hien och op déi zukünfteg Defie vum Enseignantsberuff preparéieren, ouni hien z'iwwerfuerderen.

Fir dëst ënnert anerem ze realiséieren hu sech de MENJE an den SNE/CGFP op d'Kréatioun vun engem « Comité d'accompagnement » géeenegt.

3. **« Revalorisation de la réserve des suppléants par la création d'une nouvelle formation donnant accès à la fonction d'enseignant »**

Wéi ech scho méi oft gesot hunn ass et e Fakt, dass mir mat enger zolitter Penurie u brevetéierte Schoulmeeschtere konfrontéiert sinn.

Fakt ass och, dass an den nächste Jore vill méi Posten an eise Schoulen ze besetze si wéi Studente respektiv Kandidaten do sinn, déi sech dem « Concours d'admission au stage » fir de Beruff vu Léierin a Schoulmeeschter stellen.

Ouni dës Mesure, déi am Accord virgesinn ass, wären dës vakant Platzen och weiderhi vun Ufank vun engem neie Schouljoer un, vu Chargéen aus der « Réserve des suppléants » besat ginn.

D' « Réserve des suppléants » wär also schonns erëm vun Ufank u massiv ugezaapt ginn.

Dës Leit géifen dann, wéi dat dëst Joer op enger Rei Plazen de Fall war, herno beim Ersetze vu Congéë feelen.

Dofir sinn sech de MENJE an den SNE/CGFP bewosst, dass hei akuten Handlungsbedarf besteet, fir dass mir net deselwechten Zeenario vun onbesatene Posten a Klasse wéi dëst Joer bei den nächste Rentréeë kréien.

Aus dem Grond hu sech béid Partner op d'Méiglechkeet vun engem neien Ausbildungswee, deen den Här Minister scho virgestallt huet, gëeenegt.

Wichteg fir den SNE/CGFP ass, dass dës Bacheloren,

- un 20 Stonne Formatioun mussen deelhuelen, éier si am « Enseignement fondamental » als « Chargés de cours » kënnen intervenéieren ;

- un enger ganzer Rei vun obligatoresche Formatioune während engem Joer deelhuele mussen, éier se sech dem Concours kënne stellen;

- nom Concours och de reguläre Stage absolvéiere mussen, esou wéi all déi aner Stagiairë mat engem Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften.

Wichteg fir den SNE/CGFP war awer och, dass dëse Wee nëmmen da méiglech ass, wa sech manner Kandidate mat engem Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften dem Concours stelle wéi Plazen ausgeschriwwe sinn.

D'Studente mat engem Bachelordiplom an de « Sciences de l'Éducation » wäerten ëmmer Prioritéit behalen.

Dës Mesure huet als positiv Konsequenz, dass d' « Réserve des suppléants » net vun Ufank vum Schouljoer u quasi eidel ass.

Esou kënnen an Zukunft am Laf vum Schouljoer d'Enseignanten am Fall vun engem Congé adequat ersat ginn.

**4. « Formation à l'Université du Luxembourg »**

Fakt ass, dass momentan ganz vill Studenten hire Studium an den Erzéiungswëssenschaften am Ausland absolvéieren an och de Rekrutement fir de Schoulmeeschteschberuff zu engem gudden Deel iwwert déi Filière leeft.

Hei kann den SNE/CGFP nëmmen der Initiativ vum MENJE zoustëmmen, fir bei der Uni.lu z' intervenéiere fir d'Capacitéite vum Bachelor-Studiëgank zerweideren an domadder ze garan-téieren, dass méi Leit iwwert d'Uni Lëtzebuerg an de Schoulmeeschteschberuff kënne kommen.

**5. « Comité d'accompagnement »**

Dëse Punkt ass ee ganz wichtege fir den SNE/CGFP an dofir begréisse mir och d' »Mise en place » vun engem Comité d'accompagnement vir all dës Mesuren ze begleeden.

Et war dem SNE/CGFP wichteg, dass dëse Comité ënnert anerem mat folgenden Tâchë chargéiert gëtt:

1. D'Iwwerschaffe vum Contenu vum Stage, am Kader vun der Reduktioun vum Stage vun dräi op zwee Joer. Den SNE/CGFP wäert hei ganz besonnesch wuechtsam sinn, dass net déi selwecht Contenuë vun deenen dräi Joer an déi zwee Joer gebrätscht ginn.
2. Dëse Comité soll sech des Weidere mat der Fro beschäftegen, wéi een an Zukunft de Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv ka gestalten an esou nees méi jonk Leit fir onse schéine Beruff ka begeeschteren.

**> Conclusioun :**

**Dir Dammen an Häre vun der Presse,**

**Nieft verschiddene Mesuren, déi den SNE/CGFP schonn am Virfeld vun dësem Accord ënnerstëtzt hat (wéi zum Beispill d'Erhéijung vun der Indemnisatioun vun den Iwwerstonnen), ass et en Erfolleg fir den SNE/CGFP, dass eng Rei vu senge Léisungsvirschléi géint Penurie an d'Realiteit ëmgesat ginn.**

**Ganz besonnesch ass hei d'Méiglechkeet vun enger « Réduction de stage » ervirzehiewen, déi eng spierbar Erliichterung fir eis jonk Kollegen ass.**

**De « Comité d'accompagnement » spillt an eisen Aen och eng ganz wichteg Roll an dat well hien ënnert anerem chargéiert ass fir no Pisten ze siche fir eise Beruff nees méi attraktiv ze maachen.**

**Weider war et fir den SNE/CGFP vu grousser Wichtegkeet, dass verschidde Mesuren, déi ugeduecht waren, net an d'Realitéit ëmgesat ginn, well si virun allem zu Laaschte vun de Kollege gaange wären, déi elo schonn « en Service » sinn.**

**Den SNE/CGFP huet nees eng Kéier Verantwortung, am Interêt vun de Kanner, den Enseignanten an der Schoul am Allgemengen, iwwerholl.**

**Den SNE/CGFP huet nach ni a wäert och an Zukunft net den einfache Wee vun der Polemik, vum Populismus oder vun der « Politique de la chaise vide » wielen.**

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet

Patrick Remakel

President vum Syndicat National des Enseignants – SNE/CGFP

Lëtzebuerg, den 23te Januar 2018.

---

BP 2437
L-1024 Luxembourg
tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu